adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 AOUT 2019
1032

Lëtzebuerg, den 7. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Minister fir Chancëgläichheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 859 schreift den Här Premierminister dëst zum Thema vun där sougenannter „Orange Week": *„Dozou sief gesot, datt déi Manifestatioun, em déi et hei geet, nämlech d'„Orange Week", keng politesch Manifestatioun ass, mee eng Manifestatioun, déi zum Zil huet, op Gewalt géint Fraen hinzeweisen, e grave Phänomen, dee leider ëmmer nach besteet, hei am Land wéi och weltwäit. Déi Manifestatioun fält domat nët an den Domaine vun der Politik mee baséiert op universelle Mënscherechter an elementarer Mënschlechkeet, där hire Respekt an den Ae vun der Regierung sollt zum gesellschaflieche Konsens gehéieren."* Dozou wollt ech dem Här Staatsminister an der Madamm Minister fir d'Gläichheet dës Froe stellen:

1. Ass et an den An vun der Regierung eng politesch Astellung, respektiv e politesche Choix, wann am Kontext vun der Gewaltpräventioun, z.B. duerch eng staatlech subventionéiert Sensibiliséierungscampagne, op eng Kategorie vun Affer higewise gëtt iwwerdeems aner Affer - där hir Zuel och ganz héich ass - einfach ignoréiert ginn?
2. Missten déi selwecht „universell Mënscherechter an elementar Mënschlechkeet" net fir all Affer vu Gewalt gëllen? Oder gëllen déi héich Begrëffer an den An vun der Regierung nëmme fir eng Kategorie vun Affer?
3. Ass den Här Premierminister sech bewosst, datt no offizielle Statistiken iwwer 30 Prozent vun den Affer vun haislecher Gewalt männlech sinn?
4. Ass den Här Premierminister der Meenung, datt grad bei männlechen Affer vu Gewalt d'Gefor vun enger grousser Donkelziffer besteet? Dat, well Männer sech schwéier dinn, als Affer ëm Hëllef ze froen, a well d'männlech Affer aktuell an der Gesellschaft, an de Medien an och an der Politik dacks doudgeschwige ginn?
5. Wat huet d'Regierung zënter 2013 gemaach fir Gewalt géint Fraen ze bekämpfen?
6. Wéi ënnerstëtzt d'Regierung d'„Orange Week"?
7. Wéi vill Plazen a Foyeren gëtt et hei am Land fir Fraen an Nout?
8. Wat huet d'Regierung zënter 2013 gemaach fir Gewalt géint Männer ze bekämpfen?

9. Wéi vill Plazen a Foyeren gëtt et hei am Land fir Männer an Nout?
10. Wéi eng Campagnen mécht d'Regierung fir Gewalt géint Männer, zum Beispill Gewalt doheem, ze thematiséieren a wéivill Geld gëtt a sou Campagnen investéiert?
11. Wéivill staatlech Subventiounen, Subsiden, an esou virun, kruten an de Joren 2013 - 2019 pro Joer de Conseil national des femmes an de CID Fraen an Gender, inklusiv Loyeren, Personalkäschten, Verwaltungsausgaben, Aktivitéiten, Campagnen an Acquisitiounen an all aner Depensen déi de Staat an iergend enger Manéier mat finanzéiert huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

No/réf 5176 /ah
Affaire suivie par Maryse Fisch
Téléphone : 2478-5825

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 SEP. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
Luxembourg

Luxembourg, le 6 septembre 2019

**Concerne : Question parlementaire no 1032 de l'honorable député Fernand Kartheiser – Lutte contre la violence**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune du Premier Ministre et de la soussignée à la question parlementaire no 1032 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, en l'expression de mes salutations distinguées.

Taina Bofferding
Ministre de l'Egalité entre les femmes
et les hommes



6A, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85806
Fax (+352) 24 18 86

Adresse postale
L-2921 Luxembourg

info@mega.public.lu
www.mega.public.lu

198-00024-20040819-FR

**Gemeinsam Äntwert vum Premierminister Xavier Bettel an der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer op déi parlamentaresch Fro n°1032 vum honorablen Députéierten Fernand Kartheiser**

**1)** De Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer (an der Suite „MEGA") gesäit fir säin Kompetenzberäich vun der haislecher Gewalt Fraen a Männer, Meedercher a Jongen als gläich un. Dëst bezitt sech souwuel op d'Affer wéi och op d'Auteuren vu Gewalt. Des geschlechtsneutral Approche gëtt och vum *Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence* an sengen Joresrapporten ënnerstrach. Zuelen vun weiblechen a männlechen Affer an Auteuren ginn an dësem Rapport gläichermooßen duergeluecht. De Rapport ass deemno e wichtegt Dokument, wou kloer ervirgeet dat et bei béiden Geschlechter Affer an Täter ginn.

Lëtzebuerg huet mam Gesetz vum 18. Juli 2018 déi sougenannten Istanbulconventioun géint Gewalt un Fraen an zur haislecher Gewalt ratifizéiert. Den Europarot encouragéiert d'Memberlänner ausdrécklech de Jongen an de Männer deeselwechten Schutz zoukommen ze loossen. Dëst ass fir Lëtzebuerg eng Selbstverständlechkeet, well eis Législatioun – besonnesch am Beräich vun haislecher Gewalt - geschlechtsneutral ass.[1] D'Ausso, daat d'Regiirung eng bestëmmten Kategorie vun Affer avantagéiert ass deemno net richteg.

De MEGA finanzéiert verschidden Associatiounen an Net-Regiirungsorganisatiounen am Cader vun hieren Activitéiten fir d'Gläichstellung zwëschent Fraen a Männer. De Beräich vun der Gewalt ass en traditionellt Thema vun der nationalen an internationalen Gläichstellungsbeméiungen, e Sujet deen och vun Fraenrechtsorganisatiounen opgegraff gëtt, fir sech un internationalen Campagnen drunzehänken. D'Regierung huet hier Aschätzung iwwert d'Natur vun der Orange Week an hirer Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°859 duerchgeluegt. D'Orange Week inspiréiert sech um Projet UNITE vun UN Women, an gëtt dëst Joer fir drëtte Kéier vum Nationalen Fraerot organiséiert. Gewalt u Fraen ass nach ëmmer eng Réalitéit bei eis wéi och am internationalen Kontext. Deemno ënnerstëtzt de MEGA och esou Campagnen, well se dozou bäidroen op Gewalt géint Fraen a Meedercher hinzeweisen.

Bis elo ass keng Associatioun oder Net-Regiirungsorganisatioun, déi sech spezifesch em Rechter fir Männer a Nout këmmert un d'Regiirung oder un de MEGA erugetrueden, fir eng Campagne ze lancéiren déi sech spezifesch dem Thema Männer a Jongen als Affer vu Gewalt unhëlt. De MEGA ass awer oppen fir zesummen matt enger entspriechender ONG eng Campagne zum deem Sujet ze lancéieren.

**2)** Déi an der parlamentarescher Fro n°859 ugeschwaten universell Menschenrechter an Werter vun elementarer Menschlëchkeet applizéiren sech op all Affer vu Gewalt.

**3)** De Rapport vum *Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence* hält am Joresrapport fir 2018 fest, daat mer bei den polizeilechen

[1] https://www.coe.int/fr/web/istanbul-convention/the-convention-in-brief#{"11642301":[0]}

Interventiounen am Cader vun haislecher Gewalt en Taux vun 33,9 % Männer hun, déi Affer sinn an 66,1 % Fraen. Wat d'Expulsiounen ubelaangt, sou waren 13,2 % vun allen Affer Männer. De Rapport gouf an der Sëtzung vum Regiirungsrot vum 5. Juli 2019 vun der Ministesch fir Gläichstellung fir Fraen a Männer présentéiert an actéiert. An der zoustänneger parlamentarescher Kommissioun gouf de Rapport ausféierlech den 18. Juli 2019 présentéiert an diskutéiert.

**4)** Donkelzifferen sinn an der Regel schwéier anzeschätzen, well d'Affer am Verbuergenen bleiwen, an deemno loossen sech Aussoen dozou ganz schwéier maachen. Den Aspekt vun der Donkelziffer ass der Regiirung awer duerchaus bewosst. Iwwer Gewalterfahrungen ze schwätzen, sech ze manifestéiren wann een Hëllef brauch, ass keen einfachen Schrëtt. Haislech Gewalt ass nach ëmmer en Thema wou et gëllt Hemmschwellen ofzebauen, fir dat sech Affer – Fraen a Männer – zu Wuert mellen.

De MEGA huet an de läschten Joeren awer ëmmer drop higewisen, dat och Männer kennen Affer sinn vun haislecher Gewalt an dat och si bei verschiddenen Berodungstellen, wéi z.B. den InfoMann, kennen gehollef kréien. Grad dëse Service ass aus der Noutwéndegkeet eraus an d'Liewen geruff ginn, fir och Männer déi sech a Noutsituatiounen befannen – dorënner och haislech Gewalt – eng Ulafplaz ze bidden wou se professionell Ennerstëtzung an Hëllef kréien.

Emsou méi wichteg sinn Projeten, déi sech virun allem dem Ofbau vun geschlechtsspezifeschen Stereotypen verschriwwen hun, an déi och am Beräich vun der haislecher Gewalt en Afloss hun. An deem Kontext sief op de Fuerschungsprojet zum Thema Geschlechterstereotypen vun der Uni Lëtzebuerg higewisen, deen als Zielsetzung huet fir geschlechtsspezifesch Préjugéen an normativ Virstellungen ze analyséiren an ze hannerfroen.[2]

**5)** Säit 2013 huet de MEGA virun allem e Schwéierpunkt gesaat, op verschidden Gesetzreformen, Etuden, Konferenzen an Sensibiliséierungscampagnen am Beräich vun der haislecher Gewalt, déi béid Geschlechter viséiert.

***Gesetzreformen***

Mam Gesetz vum 30. Juli 2013 ass d'Gesetz iwwert haislech Gewalt verbessert ginn, andeems ënnert anerem de familiären Kader fir d'Schutzmoossnahmen erweidert, d'Dauer vun der Expulsioun vun 10 op 14 Deeg eropgesat, an den Auteur responsabiliséiert ginn sinn, andeems d'Obligatioun fir sech bei der Täterberodung Riicht Eraus ze mellen elo gesetzlech virgeschriwwen ass. Doriwwer eraus ass mam Gesetz vum 20. Juli 2018 déi sougenannten Istanbulconventioun vum Europarot fir de Kampf géint all Formen vu Gewalt un Fraen a Meedercher an géint Haislech Gewalt an déi lëtzebuerger Législatioun iwwerdroen ginn[3]. Wéi schon ervirgehuewen applizéiert Lëtzebuerg des Conventioun net nëmmen op Fraen a Meedercher, mä gläichermossen och op Jongen a Männer. Matt dësem Gesetz ass och d'Gesetz

[2] http://mega.public.lu/fr/actualites/2019/06/stereotypes-luxembourg/index.html
[3] http://convention-istanbul.lu/

iwwer haislech Gewalt nach eng Kéier verbessert ginn, andeems d'Kanner (Meedercher a Jongen) besser geschützt ginn.

***Etuden a Konferenzen***

Am Dezember 2013 gouf déi zweejähreg Etude *Les causes de la violence domestique au Luxembourg*[4] lancéiert, déi vum Luxembourg Institute of Health (LIH) emgesaat gouf an déi de 5. März 2015 am Cader vun enger grousser internationaler Konferenz der Ëffentlechkeet virgestallt gouf. D'Zielsetzung vun dëser grousser Etude war et emfaassend d'Ursaachen vun haislecher Gewalt zu Lëtzebuerg ze analyséiren, andeems souwuel d'Perspektiv vun den Affer an den Auteuren, wéi och de betraffenen Berufsgruppen (Police, Magistratur, Sozialarbechter) ageholl gouf. Och des Etude huet de Phénomène vun der haislecher Gewalt geschlechtsneutral behandelt.

D'Ofschlossétude huet 10 Recommandatiounen ausformuléiert, déi ennert anerem d'Verbesserung vum Afferschutz an d'Aféirung vun der sougenannter Afferambulanz[5] matt sech gezunn hun.

***Campagnen***

2012 huet de MEGA d'Campagne gestart „La violence domestique nuit à toute la famille" fir drop hinzeweisen, daat haislech Gewalt déi ganz Famill betrëfft, a gläichermoßen Fraen a Männer, Meedercher a Jongen matt abezitt. D'Campagne ass déi Joeren drop nei éditéiert ginn, andeems d'Informatiounen an 8 Sproochen iwwersaat an adaptéiert goufen fir och déi nët-lëtzebuergesch Communautéiten besser ze erreechen.

Parallel dozou huet 2013 den deemolegen Chancegläichheetsministère an Zesummenarbecht mat der portugieseschsproocheger Communautéit de Projet vum interaktiven Theater lancéiert. Dëst Konzept setzt op déi aktiv Participatioun vum Public fir opgrond vun fiktiven gespillten Konflikt- a Gewaltsituatiounen selwer anzegräifen. Dës Theatervirféierungen haten e groussen Succès a verschiddenen Gemengen uechter d'Land. Et ass geplangt fir dëse Projet ërem nei opzeléen an de kommende Méint mat der Perspektiv fir och nach aner Communautéiten ze erreechen.

Eng méi rézent Campagne betrefft d'Ratifikatioun vun der Istanbulconventioun, déi iwwert all Dimensiounen vu Gewalt informéiert mat den entspriechenden Gesetzbestëmmungen an matt den Hëllefsoffren fir d'Affer. Opgrond vun der Tatsaach, dat Lëtzebuerg d'Conventioun net nemmen op Fraen ausriicht, ass d'Campagne natirlëch och op de Schutz vu Jongen a Männer

[4] http://mega.public.lu/fr/espace-presse/dossiers-presse/2015/etude-violence-domestique/Etude-Violence-domestique---Version-integrale-23_2_2015.pdf
[5] http://mega.public.lu/fr/actualites/2018/07/umedo/LNS0002_de_pliant_FR.pdf

ausgeriicht déi Affer sinn vu Gewalt, wat och um Site www.convention-istanbul.lu ervirgehuewen gëtt[6].

Doriwwer eraus versicht de MEGA all Initiativen ze ënnerstëtzen, déi sech dem Kampf géint Gewalt an haislech Gewalt verschriwwen hun. Dorënner fällt ënnert anerem och d'Orange Week, déi 2017 an 2018 organiséiert goufen. Déi nei Editioun ass fir November 2019 geplangt.

**6)** De MEGA huet 2018 d'Orange Week matt engem Montant vun 21784,22 EURO ennerstëtzt.

**7)** Nofolgend eng Opleschtung vun allen Ennerbréngungsstrukturen an Berodungszentren matt denen de MEGA am Cader vum Kampf géint Gewalt conventionnéiert ass.

***Ennerbrengungsstrukturen fir Fraen, Meedercher an Fraen matt Kanner***

| **Numm** | **Zielgrupp** | **Plazen** |
|---|---|---|
| Foyer Eschweiler Haus Edith Stein (Fondation Maison de la Porte Ouverte) | Centre d'Accueil pour femmes avec ou sans enfants | 17 |
| Foyer Maternel (Fondation Maison de la Porte Ouverte) | Centre d'Accueil pour futures et jeunes mamans | 16 |
| Foyer Paula Bové (Fondation Maison de la Porte Ouverte) | Centre d'Accueil pour femmes avec ou sans enfants | 30 |
| Structure Sichem – Centre Maternel (Fondation Maison de la Porte Ouverte) | Centre d'Accueil pour futures et jeunes mamans | 44 |
| Fraenhaus (Femmes en Détresse asbl) | Centre d'Accueil pour femmes avec ou sans enfants | 38 |
| Meederchershaus (FADEP) (Femmes en Détresse asbl) | Centre d'Accueil pour jeunes filles avec ou sans enfants | 10 |
| Maison Communautaire MACOU (Femmes en Détresse asbl) | Centre d'Accueil pour femmes avec ou sans enfants | 11 |
| Fondation Pro Familia | Centre d'Accueil pour femmes avec ou sans enfants | 20 |
| Foyer Sud (Conseil National des Femmes du Luxembourg) | Centre d'Accueil pour femmes avec ou sans enfants | 22 |

[6] « Si la Convention s'attache tout particulièrement à toutes les formes de violence à l'égard des femmes, elle reconnaît explicitement que la violence domestique et d'autres violences font aussi des victimes masculines. Voilà pourquoi, la Convention encourage les Etats à appliquer le texte aussi aux victimes masculines. Du fait que sa législation est généralement neutre en terme de genre, l'approche du Luxembourg consiste à appliquer la convention aux deux sexes. » (http://convention-istanbul.lu/convention/)

***Berodungszentren fir Fraen, Meedercher a Fraen matt Kanner***

| Numm | Zielgrupp |
|---|---|
| VISAVI<br>(Femmes en Détresse asbl) | Centre d'information, de consultation et d'assistance pour femmes en détresse |
| Oxygène<br>(Femmes en Détresse asbl) | Centre d'information, de consultation et d'assistance pour jeunes filles |
| Centre Ozanam Centre<br>(Fondation Maison de la Porte ouverte) | Centre d'information, de consultation et d'assistance pour femmes en détresse |
| Centre Ozanam Nord<br>(Fondation Maison de la Porte ouverte) | Centre d'information, de consultation et d'assistance pour femmes en détresse |
| Fondation Pro Familia<br>Dudelange | Centre d'information, de consultation et d'assistance pour femmes en détresse |
| Foyer Sud<br>(Conseil National des Femmes du Luxembourg) | Centre d'information, de consultation et d'assistance pour femmes en détresse |

***Berodungszentren fir Fraen a Männer, Meedercher a Jongen***

| Numm | Zielgrupp |
|---|---|
| CFFM<br>(Femmes en Détresse asbl) | Centre pour femmes, familles et familles monoparentales (femmes et hommes) |
| SAVVD<br>(Femmes en Détresse asbl) | Service d'assistance aux victimes (femmes et hommes) de violence domestique |
| S-PSYea<br>(Femmes en Détresse asbl) | Service psychologique pour enfants et adolescents victimes de violence domestique |
| Fondation Pro Familia<br>Dudelange | Services de consultation, de suivi social et de médiation familiale pour femmes et hommes |
| Alternatives<br>(Fondation Pro Familia) | Centre de consultation pour enfants et adolescents victimes de violence |
| Alternatives Ettelbruck<br>(Fondation Pro Familia) | Centre de consultation pour enfants et adolescents victimes de violence |
| Riicht Eraus<br>(Croix-Rouge) | Service de consultation et d'aide pour auteurs de violence (service disponible pour femmes et hommes) |

***Berodungszentren an Ennerbrengungsstrukturen fir Männer matt oder ouni Kanner***

| Numm | Zielgrupp | Plazen |
|---|---|---|
| infoMann<br>(Act Together asbl) | Centre d'information, de consultation et d'assistance pour hommes et garçons en détresse | 7 |
| Riicht Eraus<br>(Croix-Rouge) | HOLD – Hommes logés en dignité | 5 |

| | | |
|---|---|---|
| Fondation Maison de la Porte ouverte | Structure d'hébergement pour hommes victimes de la traite des êtres humains | 5 |
| Caritas | Structure d'hébergement pour hommes victimes de la traite des êtres humains | 11 |

**8)** De MEGA weist nach eng Kéier drop hin, daat all Moossnam géint haislech Gewalt, sief et um gesetzlechen, wéi och am sozialpoliteschen Plang sech souwuel u Fraen a Meedercher riicht, wéi och un Männer a Jongen. De MEGA huet doriwwer eraus ëmmer schon drop higewisen, dat och Männer a Jongen kennen Affer sinn vun haislecher Gewalt. Dëst am Kader vun der Konferenz „Mensch Mann" am November 2011, wou op des Tatsaach mat Nodrock higewisen gouf. D'Schaafung vum INFOMANN am Joer 2012 ass aus der Noutwendegkeet resultéiert fir ënnert anerem och männlechen Affer vun haislecher Gewalt kennen eng Berodung ze bidden fir iwwert hier Nout ze schwétzen a gehollef ze kréien. Am Oktober 2016 huet de Ministère déi 3. International Konferenz iwwert d'Thema Männer a Gläichstellung e Workshop organiséiert mat nationalen an internationalen Experten iwwert de Sujet vun der Gesondheet vu Männer a Jongen, wou och iwwer de Sujet Männer a Jongen als Affer vun Gewalt geschwat gouf. De MEGA wëll dësen Aspekt an de kommenden Joeren nach méi an de Virdergrond stellen, ënnert anerem och am Cader vun der Orange Week wou déi deelhuelend Organisatiounen encouragéiert ginn, fir och d'Gewalt u Jongen a Männer bei der Organisatioun vun hiere Manifestatiounen mat eranzehuelen.

**9)** Den Infomann stellt Wunnengen zur Verfügung fir Jongen a Männer a Nout, déi vum MEGA finanzéiert ginn. Et sinn momentan 7 Plazen an 2 Studioen an zwee Appartementer am Süden vum Land. Desweideren stellt de Service Riicht Eraus fir Täterberodung vum Roude Kräiz zwee Appartementer am Süden matt engem Total vun 5 Plazen zur Verfügung am Cader vum Programm HOLD (Hommes logés en dignité). Des Plazen riichten sech prioritär un männlech Auteuren vun haislecher Gewalt, awer och un männlech Affer vun haislecher Gewalt. Och dëse Programm gëtt vum MEGA finanzéiert. Desweideren stellen d'Fondation Maison de la Porte ouverte (Ettelbréck matt 5 Plazen) an d'CARITAS (Westen vum Land matt 11 Plazen) zwee Foyeren zur Verfügung wou männlech Affer vu Menschenhandel kënnen ennerbruecht ginn.

**10)** D'Campagnen déi de MEGA am Kader vum Kampf géint Gewalt emgesaat huet, besonnesch déi haislech Gewalt, waren a sinn och an Zukunft net spezifesch op ee Geschlecht ausgeriicht. Déi Campagnen déi de Ministère an de läschten Joëren an Eegenrégie organiséiert huet waren „La violence nuit à toute la famille" matt engem Budget vun 80937,70 EUR an d'Campagne zur Istanbulkonventioun matt engem finanziellen Emfang vun 99483,46 EUR.

**11)** D'Dépensen fir de Nationalen Fraerot a fir de CID Fraen an Gender belafen sech folgendermooβen

## Nationalen Fraerot

| ANNÉE | CONVENTION | DIVERS | MONTANT | TOTAL |
|---|---|---|---|---|
| **2013** | 257 401,00 | | | 257 401,00 |
| **2014** | 252 565,74 | | | 252 565,74 |
| **2015** | 275 632,92 | Conférence dans le cadre de la Présidence luxembourgeoise du Conseil de l'UE à Mondorf | 89 028,01 | 364 660,93 |
| **2015** | - | Conférence sur la violence domestique | 15 942,44 | 15 942,44 |
| **2016** | 299 000,00 | | | 299 000,00 |
| **2017** | 286 753,91 | Subside ordinateur | 2 812,28 | 289 566,19 |
| **2017** | | Subside Orange Week | 3 878,75 | 3 878,75 |
| **2018** | 291 499,92 | Subside Orange Week | 2 750,00 | 294 249,92 |
| **2019** | 302 015,09 | | | 302 015,09 |
| | | | **Somme totale** | **2 079 280,06** |

## CID – Fraen an Gender

| ANNÉE | CONVENTION | TOTAL |
|---|---|---|
| | | |
| **2013** | 365 208,00 | 365 208,00 |
| **2014** | 328 799,70 | 328 799,70 |
| **2015** | 429 648,00 | 429 648,00 |
| **2016** | 430 152,00 | 430 152,00 |
| **2017** | 420 321,41 | 420 321,41 |
| **2018** | 451 376,00 | 451 376,00 |
| **2019** | 369 893,61 | 369 893,61 |
| | **Somme totale** | **2 795 398,72** |